adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

n° 3545

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 16:24, 29/01/2021

Lëtzebuerg, den 29. Januar 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Banneminister weiderzeleeden.

Vill Gebaier gi vum nationalen Denkmalschutz (SSMN) als schützenswäert beurteelt awer vun de Gemengen net als solch am allgemenge Bebauungsplang (PAG) festgehalen.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Banneminister gär folgend Froe stellen:

1. Am Kader vum Ausschaffe vun den allgemenge Bebauungspläng (PAG) mécht den SSMN eng wëssenschaftlech Beuerteelung vun der Bausubstanz an deelt de Gemenge mat, wat fir Gebaier schützenswäert sinn. Dës objektiv Beuerteelung baséiert op wëssenschaftleche Fakten. Vill Gemengen ignoréieren awer méi oder manner dësen Avis vum SSMN. Wéi erkläert d'Madamm Minister sech, datt d'Gemenge sech net un déi wëssenschaftlech fundéiert Avisen halen?
2. Wéi steet d'Madamm Minister zu dësem Verhale vun de Gemengen?
3. Ass si gewëllt déi Situatioun ze verbesseren? Wa jo, wéi?
4. D'Madamm Minister geneemegt reegelméisseg PAPen, bei deenen Haiser ofgerappt ginn, déi no wëssenschaftleche Krittäre vum SSMS als schützenswäert agestuuft sinn. Wat sinn der Madamm Minister hir Grënn, fir dëst ze maachen?
5. Nach ëmmer hunn eng ganz Partie Gemenge kee PAG, obwuel de Ministère scho fënnefmol eng Frist gesat hat, woubäi déi éischt Frist fir 2010 gegollt huet. Am Regierungsprogramm gouf vun den 3 Regierungsparteie festgehalen, datt déi Gemengen, déi Enn 2019 nach kee PAG hunn, penaliséiert ginn. Si bis haut scho Gemengen an deem Kontext bestrooft ginn? Wa jo, wéi vill?

6. Hunn dës Verspéidunge beim Erstelle vun engem allgemenge Bebauungsplang eventuell Auswierkungen op den Erhalt vu schützenswäerte Gebaier?
7. Mat wat fir Moossnamen, a Bezuch op den Denkmalschutz, reagéiert de Banneministère op d'Verspéidung vun engem PAG?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 1er mars 2021

REÇU
Par Alff Christian , 09:54, 01/03/2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n° 3545 du 29 janvier 2021 de l'honorable Député Fred Keup concernant le plan d'aménagement général « PAG »**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n° 3545 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup zum Sujet " Plan d'aménagement général (PAG) "**

Den Deputéierten erkläert a senger parlamentarescher Fro, datt am Kader vum Ausschaffe vun den allgemenge Bebauungspläng (PAG) "den SSMN eng wëssenschaftlech Beuerteele vun der Bausubstanz" mécht an "deelt de Gemenge mat, wat fir Gebaier schützenswäert sinn". An deem Kontext sief betount, datt d'Erstellung vun engem PAG laut dem iwwerschaffte Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert d'Gemengen- a Stadentwécklung eng Gemengekompetenz ass an och just op Initiativ vum Schäfferot kann ausgeschafft ginn. D'PAGen, déi nach net op dësem Gesetz baséieren, mussen effektiv vun de Gemengen iwwerschafft ginn, eng Aarbecht, déi aktuell nach bei 49 Gemengen am gaangen ass.

Am Kader vun der Elaboratioun vun der "Étude préparatoire", déi als Basis déngt fir d'Erstellung vun den neie PAGen, huet effektiv de Service des Sites et Monuments nationaux (SSMN) d'Gemenge fachlech ënnerstëtzt, fir een éischten Inventar ze maachen vun de Gebaier, déi kommunal schützenswäert sinn. Dës éischt Selektioun vun den erhalenswäerte Gebaier baséiert op de Krittären aus dem Artikel 32 vum groussherzoglechen Reglement vum 8. Mäerz 2017 iwwert de Contenu vum PAG. Sou sinn zum Beispill d'Authenticitéit, d'Exemplaritéit an d'Raretéit vum Gebai, wéi awer och säin Temoignage fir déi lokal Geschicht wichteg Krittären fir duerno een eventuelle Schutz vum Gebai duerch de PAG ze justifiéieren.

Bei der Erstellung vun de Virschrëften am PAG ass den zweeten Artikel vum genannte Gesetz vum 19. Juli 2004 applicabel. Dësen Artikel artikuléiert eng ganz Rei vun urbanisteschen Objektiver, déi bei der Erstellung vun engem PAG mussen erfëllt sinn. Zu dësen Objektiver zielen ënner aneren eng harmonesch Entwécklung vun de städteschen an ländleche Strukturen an eng rationell Baulandnotzung, de Naturschutz, wéi och de Schutz vum Patrimoine an eise Lokalitéiten.

De genannten Artikel bedéngt bei der Erstellung vun all PAG oder och nach den Deelbebauungspläng (PAP) ee gesonden Ofweiungsprozess tëschent deene verschiddenen Objektiver. Et ass net méiglech, am Kader vun urbanistesche Projeten all Objektiv zu 100 Prozent gerecht ze ginn, mee et gëllt generell, een nohaltegen Equiliber ze fannen tëschent allen Objektiver. De vum Schutz vum Patrimoine ass do keng Ausnam. Och hei gëllt et ofzeweien tëschent dem Schutz vum Patrimoine, der Liewensqualitéit vun de Leit déi an de betraffene Gebaier wäerte wunnen, an enger landesplaneresch sënnvoller Noverdichtung vun eisen Dierfer a Stied.

Doriwwer eraus sinn ech der Meenung, datt bei all Schutz vun engem Gebai, wat een relativ groussen Agrëff an d'Eegentumsrecht vum Besëtzer vun deem Gebai bedeit, souwuel d'Gemenge wéi och de Staat sech mat der Fro beschäftegen mussen, ob d'Plusvalue fir d'Allgemengheet, bedéngt duerch de Schutz vum Gebai, an engem gesonde Verhältnis steet zu den urbanistesche Servituden, déi si dem Proprietär vum Gebai operleeën. Dëst si mir eise Biergerinnen a Bierger schëlleg, virun allem wann et sech ëm Gebaier handelt, déi an engem éischter schlechten Zoustand sinn a wou d'Eegentemer net onbédengt an der Lag sinn mat gréisseren Investitiounen d'Bausubstanz ze restauréieren, trotz de staatleche Subventiounen déi am Kontext vu geschützte Gebaier ausbezuelt kenne ginn.

Et sief awer nach betount, datt d'Gemenge generell dës Flicht ganz seriö huelen, an datt och an Zukunft, wann eng Gemeng ee PAG sollt an d'Prozedur ginn, wou keen oder ze wéineg Schutz vum Patrimoine virgesinn ass, dëse PAG net wäert approuvéiert ginn. Ech wëll awer ënnersträichen, datt an den 53

Gemengen déi hire PAG schonn duerch hunn, iwwer 13.700 Gebaier geschützt goufen. Dat si knapps 78% vun de Gebaier, déi am Kader vun der Étude préparatoire als schützenswäert erkannt gi sinn, also ier d'Virdeeler an d'Nodeeler vun de Gemenge ofgewien goufen, sou datt d'Ausso vum Deputéierten "Vill Gemengen ignoréieren awer méi oder manner dësen Avis vum SSMN" schwéier novollzéibar ass.

Op d'Behaaptung hin, ech géif regelméisseg PAPe geneemegen, an deene virgesinn ass, Haiser ofzerappen, déi no wëssenschaftleche Critèren vum SSMN als schützenswäert agestuuft sinn, sief betount, datt sougenannte PAP "nouveau quartier" an der Regel fir Terraine gemaach ginn, déi nach guer net bebaut sinn. Falls trotzdeem ee PAP ee Gebai betrëfft dat am PAG geschützt ass, ass et kloer, datt dëst net duerf ofgerappt ginn an datt och kee PAP ka geneemegt ginn, dee géint de PAG verstéisst.

Et ass awer net méiglech, ee PAP ze refuséieren alleng mam Argument, dëse géif ee Gebai betreffen dat als schützenswäert erkannt gouf,  an de PAG, als hierarchig iwwergeuerdnet Planungsinstrument, dëst awer net sou reglementéiert. Dëse Prinzip ass wichteg, fir de Biergerinnen a Bierger eng gewësse Rechtssécherheet ze garantéieren a fir Situatiounen ze verhënneren wou eng Persoun op Grond vun de Prescriptioune vum PAG eng Immobilie keeft oder ee Projet plangt an eréischt spéider am Kader vun der Prozedur vum PAP, nei Oplage kritt, déi fir si net virauszegesi waren.

Betreffend  d'Erneierung vun de PAGe mussen nach 14 Gemengen ee sougenannten PAG vun der neier Generatioun an d'Geneemegungsprozedur ginn, an et si 34 Gemengen déi am gaang sinn, dës Prozedur ze duerchlafen. Hei sief nach emol betount, datt ech entscheet hunn, no 4 Verlängerunge vum Delai, fir dës Projeten an d'Prozedur ze ginn, kee Projet de loi méi ze deponéieren fir eng weider Verlängerung vum Délai ze bewëllegen. Et ass mir wichteg, datt all eis Gemengen modern Instrumenter zur Verfügung hunn, an dozou zielt virun allem de PAG, fir eng zäitgeméiss Entwécklung vun eise Stied an Dierfer ze garantéieren. Et ass grondleeënd datt mir, bei der aktueller Entwécklung vun eisem Land, PAGen hunn déi et erlaben engersäits nei attraktiv Quartieren z'entwéckelen wou déi zukënfteg Awunnerinnen an Awunner, grad ewéi d'Leit, déi rondrëm wunnen, eng héich Liewensqualitéit gebuede kréien. Op der anerer Säit ass et mir awer genau sou wichteg, datt duerch d'Instrument vum PAG ee seriösen Schutz vun eisem Patrimoine gemach gëtt, well dësen et de Biergerinnen a Bierger erlaabt, sech weiderhin mat hirem Quartier, hirer Stad oder hirem Duerf z'identifizéieren. Och dat dréit zur gudder Liewensqualitéit bäi.

Wat "*d'Verspéidunge beim Erstelle vun engem allgemengen Bebauungsplan*" ugeet muss een dovun ausgoen datt alleng d'Tatsaach, datt ech kee Projet de loi op den Instanzewee bruecht hunn fir de genannten Délai eng weider Kéier ze verlängeren, sécherlech zu enger Beschleunege vun den Aarbechten bäigedroen huet. D'Sanctiounen fir déi Gemengen, déi sech net un den Délai vum 1. November 2019 gehalen hunn si folgend: si duerfe bis zu deem Moment, wou de Gemengerot duerch een éischte Vote d'Geneemegungssprozedur vun der Erneierung vum PAG lancéiert, keen neie PAP an d'Prozedur ginn an och keng punktuell Ännerung vun hirem aktuellen PAG méi maachen. Vun dëser Sanctioun sinn aktuell 12 Gemenge betraff an dës Dispositioune ginn och am Kader vun de betraffenen Prozeduren kontrolléiert.